***Compte Rendu vun der Kulturkommissiounssëtzung vum 8. Dezember 2025 um 19h30 am Centre Communal zu Wëlwerwolz***

| | |
|---|---|
| <u>Präsenzen:</u> | Patrick Bormann, Yves Kaiser, Jos Fischbach, Antoinette Lutgen-Lentz, Paul Poncin, Christian Schmit |
| <u>Absent:</u> | Maurice D'Incau, Sandra Linster |

---

## 1. Visite « Kofferminn »

Wéinst engem deplacéierte Verhale vun enger Biergerin wärend der Visitt vun der Kofferminn, hutt d'Kommissioun entscheet, dës Persoun vun zukünftege Visitten auszeschléissen. Déi betreffend Persoun krëtt dëst iwwert en ageschriwwene Bréif matgedeelt.

## 2. Projet Hausnimm

Den Yves hutt 2 Modeller fir d'Hausschëlder gelasert an der Kommissioun präsentéiert. Mir hunn eis fir eng Gréisst entscheet an de Layout prinzipiell gutt geheescht. Mir setze ganz ënnen op d'Schëld nach d'Joer „2026" dobäi.
De Jos zeechent engt Schëld wou den Numm vum Haus rausgelasert gëtt. Hee freet en Devis bei Newlaser un a bestellt dann e Modell am 1,5 mm Décken brushed Inox.
De Jos freet de Jean-Marie fir d'Lëst mat den Hausnimm aus der aler Wëlwerwolzer Gemeng mat den Adressen ze kréien.
Den Yves këmmert sech dann em d'Adresse vun alle potentiellen Hausbesëtzer.
Den Yves freet bei Ercalux no, fir ee Modell vun de Schrauwen, Scheiwen a Mudderen am Inox ze kréien.
De Christian präparéiert den Inhalt vum Bréif.
Enn Januar gesi mer eis fir d'nächst an der Kommissioun a kucken dann iwwert de Modell vun Newlaser, d'Schrauwen, d'Adressen an de Bréif.

## 3. Projet QR-Code

De Christian hutt eng Lëst mat de potentielle Plazen. Annescht wéi di leste Kéier beschwat, wollte mer kee kuerzen Text op d'Schëlder maache mee just den Numm vun der Sehenswürdigkeet, de QR-Code an en Text am Style vun „Intéressé?".
Den Design vum Schëld soll en Eye-Catcher sënn, sou datt et an d'A stécht. Mir erstelle mol ee Modell vum Schëld fir den Design festzeleeën.
Ophänke kéint een d'Schëlder op besteeënd Poteaue vun de Wanderweeër.
Herno froe mer e Subside bäim Naturpark un.
De Christian schwätzt mam Daniel wéinst den URLen op SIK.lu.

## 4. Divers

- De Paul krut keng Äntfert vun der CFL. Deemno gëtt dat näischt fir d'Lilly an de Pit no dem geduechten Design nei ze bauen. Et gouf entscheet, d'Skulptur lo mol fort ze huelen. All Iddi wat een dono kann dohinner setzen, ass wëllkomm.

- 2026 wollte mer eisen Ausfluch op de Fond de Gras maachen. Enn Januar, wann d’Eventer um Fond de Gras feststinn, siche mir den Datum raus wou mir dohinner fueren.

Äischer, den 9. Dezember 2025

**Christian Schmit**

Präsident

**Jos Fischbach**

Sekretär